N°155
Entrée le 09.01.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 09.01.2024
Chambre des Députés

adr
Groupe parlementaire

Här Claude Wiseler
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 8. Januar 2024

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Verkéiersminister weiderzeleeden.

Fir e Parkticket bei engem Automat ze kréien, muss ee bei verschiddene Parkauere mëttlerweil d'Plack vum Auto mat uginn, obwuel de Parkticket nach ëmmer bor bezuelt, op Pabeier ausgedréckt a fir potenziell Kontrolle siichtbar um Armaturebriet ausgeluecht gëtt.

An deem Zesummenhang géife mir der Madamm Verkéiersminister gär dës Froe stellen:

1) Firwat mussen d'Leit hir Plackennummer mat uginn, obwuel dës fir eng reng Parkkontroll net néideg ass? Wat ass déi legal Basis fir déi Praxis?
2) Wou a wéi laang ginn déi entspriechend Donnéeë gespäichert a wéi eng Institutioune kënnen dorop zougräifen?
3) Gesäit d'Madamm Minister an där Moossnam net e weidere méiglechen Agrëff an d'Privatsphär duerch de Staat, wann dëse ka gewuer ginn, wou, wéi en Auto wéini a wéi laang parkt?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten

Fernand Kartheiser
Deputéierten

N°155
Entrée le 04.03.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Gemeinsam Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, Yuriko Backes, vum Inneminister, Léon Gloden, a vun der Delegéierter Ministesch beim Premierminister fir Medien a Connectivitéit, Elisabeth Margue, op d'parlamentaresch Fro n°155 vun den éierewäerten Deputéierte Jeff Engelen a Fernand Kartheiser iwwert d'« Saisie du numéro d'immatriculation au parcmètre»**

1. **Firwat mussen d'Leit hir Plackennummer mat uginn, obwuel dës fir eng reng Parkkontroll net néideg ass? Wat ass déi legal Basis fir déi Praxis?**
2. **Wou a wéi laang ginn déi entspriechend Donnéeë gespäichert a wéi eng Institutioune kënnen dorop zougräifen?**
3. **Gesäit d'Madamm Minister an där Moossnam net e weidere méiglechen Agrëff an d'Privatsphär duerch de Staat, wann dëse ka gewuer ginn, wou, wéi en Auto wéini a wéi laang parkt?**

Laut dem Artikel 5 aus dem Code de la route sinn d'Gemenge responsabel fir d'Parken am ëffentleche Stroosseraum ze reglementéieren an d'Modalitéite vun dësem Parke festzeleeën. Aus der Fro resultéiert awer net, wéi eng Gemeng(e) konkret d'Indicatioun vun der Plackennummer beim Bezuele verlaangen, sou dass et net méiglech ass, méi am Detail op déi Modalitéiten anzegoen

Luxembourg, le 29. février 2024
La Ministre de la Mobilité et des Travaux publics
(s.) Yuriko Backes